



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

REÇU
Par Alff Christian , 16:01, 23/03/2021

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le **23 MARS 2021**

**Objet : Question parlementaire n°3687 du 22 février 2021 de Messieurs le Député Marc Goergen
concernant « Marchés publics de la défense et de la sécurité »**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous
rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,



Henri KOX

Gemeinsam Äntwert vum Här Henri KOX, Minister fir bannenzeg Sécherheet an dem Här François BAUSCH, Minister vun der Défense op d'parlamentaresch Fro n° 3687 vum 22. Februar 2021 vum honorabelen Deputéierten Marc GOERGEN iwwert " Marchés publics de la défense et de la sécurité "

Ad Fro 1 an 2

1. Wéi vill Ausschreibungen aus dem Beräich Sécherheet a Verdeelegung gouf et säit 2012 op Basis vun dësem Gesetz?

2. Wéi vill Kontrakter goufen ob Grond vun dësen Ausschreibungen ofgeschloss?

Wat fir Servicer waren an dësen Ausschreibungen festgehalten?

Mat wéi villen Acteuren ass d'Regierung am Moment nach am Gaangen op Grond vun esou Ausschreibungen, Kontakter ze verhandelen?

Am Kontext vun der Police gëtt generell op d'Gesetz vun de Marchés Publics vum 8 Abrëll 2018 zrëckgegraff a bis lo ass réischt eng Kéier op Gesetz vum 26ten Dezember 2012 zrëckgegraff ginn.

Am Beräich Défense gouf säit 2012 80 Mol op d'Prozeduren di vum Gesetz vum 26ten Dezember 2012 virgesinn gin zrëckgegraff.

Dës Marchée betreffe virun allem den Akaf vun Equipementer. Wat d'Servicer betrëfft, sou huet et sech virun allem em « Surveillance et reconnaissance aérienne » am Kader vun EU Missiounen, Maintenance an Etüden gehandelt.

Just an engem Fall war et net zu enger Attributioun vum Marché komm an d'Prozedur gouf doropshi widderholl.

Am Beräich Défense sinn aktuell keng Verhandlungen am Gaang.

Ad Fro 3

3. Am Gesetz si verschidde Fäll festgehalten, an deenen de Kontrakt nei verhandelt ka ginn, ouni dass eng nei Ausschreibung muss gemaach ginn. Dëst ass zum Beispill de Fall, an enger Krisensituatioun oder wann et ëm geschützten Technologie geet, déi nëmmen eng Firma kann ubidden. An dëse Fäll kënnen d'Kontrakter fir 5 oder 7 Joer verlängert ginn.

Bei wéi ville Fäll koum et zu Verlängerunge vun de Kontrakter?

Ginn et Kontrakter, déi am Moment nach lafen an déi trotzdeem aktuell schon nees (oder demnächst) néi verhandelt ginn?

Aus wat fir Grënn ginn dës Kontrakter nei verhandelt?

Weder am Beräich vun Police nach vun der Défense gouf et bis elo ee Fall vun esou enger Verlängerung.

Ad Fro 4

4. Wou kënnen d'Bierger(innen) ofgeschloss Ausschreibungen noliesen?

Allgemeng ginn déi néideg Informatiounen an engem Zousaz vum Europäeschen Amtsblad online publizéiert (<https://ted.europa.eu/>). Hei ass awer och ze soen dass, wéi an den Artikelen 11 bis 13 virgesinn, gewësse Marchéen ausgeschloss sinn.